

Eng Dier an d'Welt



Table des matières

Vorwort (Claudia SCHNEIDER-SCHOO)	3	LEHNERS Jean-Paul	91
di BARTOLOMEO Mars.	7	LIMPACH Marc	96
ARENDT Guy	9	MAROLDT Ed.	99
MEISCH Claude	13	MART Caroline	105
ACHUTEGUI Ainhoa.	15	MEYER Roland.	109
ANDONOVIC Vesna	19	OXACELEY Alexandra	115
BACK Jean.	24	PAULY Michel.	118
BECK Simone.	29	REUTER Alex	121
BERG Charles.	33	REUTER Jérôme	127
BRASSEUR Anne	37	SCUTO Denis.	131
BRIMAIRE-BREMER Monette	39	ZUCCOLI Laura	135
CONTER Claude D.	43	ALESCH Tom, Sans Titre, 9. Januar 2010	6
DOCKENDORF Guy	53	CLAUDE Gérard, Ouverture, de la série NORGE 2015.	12
FAYOT Ben.	55	DENY Martine, Attente, 2015	18
GARCIA Robert	59	HEIDELBERGER Liliane, Mascaret (bronze), 2004.	28
GOETZINGER Germaine	65	HOFFMANN Florence, homo libri ou ce que nous lisons nous construit.	42
GREISCH Pol	70	LEURS Pol. Jokes 2009	64
JACOBS Marie-Josée	72	MACKEL Rita, Voyage aux Indes, 2007.	76
JUNKER Marja Leena	73	OSTERHELD Wolfgang, 1982	82
KAYSER Lucien.	77	RECKER Anna, Traum vom Landen, 2004.	90
KIEFFER Monique.	78	ROUFF Marie-Louise, Sans Titre, Palo Alto, California 2004	104
KIRPS Josée	83	SANDER Doris, Schweben Fliegen Fallen, 2015.	114
KLEIN Mars	87	WEYER Anne, Sans Titre	138
KRIEPS Vicky	89		

Denis Scuto

Professer op der Universitéit Lëtzebuerg

Lies A Schreif Dech Fräi!

Wéi ech dem Liesen an dem Buch begéint sinn? Ech muss éierlech soen, dass ech dat net méi weess. Wat ech weess ass, dass ech d' "Griechische Sagen des Altertums" ëmmer nees gelies hunn a menger Kandheet. Natierlech och "Fünf Freunde", woubäi d'Figur vum Papp, deen op sengem Daachzëmmer geschriwwen a gefuerscht huet, d'Figur vum Wëssenschaftler, a senger eegener, geheimnisvoller Welt, bei mär hänke bliwwen ass. Franséisch ass meng Liiblingssprooch nieft dem Lëtzebuergeschen, mee ech erënnere mech un däitsch Bicher als éischt Lektüren an net méi, wat ech virum Rimbaud schonn alles op Franséisch gelies hat, ausser Astérix an Tintin. D'Gedichter vum Rimbaud an d'Surrealisten, dat woar op 5e eng vu menge Lektüren. "Dictionnaire de poche le surréalisme", dat klengt Buch aus der Librairie vum Centre Pompidou zu Paräis hunn ech nach ëmmer. Iert op 4e *Siddhartha* a *Steppenwolf* vum Hermann Hesse meng mental Koart dominéiert a meng (kuerz) buddhistesch Phas agelaut hunn. D'Uwendung huet bei mär awer net esou richtig geklappt. Ech hu mech zwar tëscht Lalleng a Monnerech an d'Wisen an de Schneidersätz gesat, mee eens mam Universum sinn ech einfach net ginn.

D'Wëssen iwwer meng Lektüren hänkt bei mär iwverhaapt enk mam Iwwergank, mam "rite de passage" vum Kand zum Jonken zesummen. An dat woar fir mech am Hierscht 1978, mat 14 Joer, wéi ech op 5e koom, a wéi den Armand, e Kolleg vu Lalleng, deen haut op der CFL schafft, mech mat op meng éischt JIV-Versammlung geholl huet an de Café Wobrécken. JIV woar d'Ofkierzung

fir Jugend-Interesse-Veräin. D'Schüler aus Esch an Emgéigend hate sech 1977 organiséiert, fir fir e selbstverwaltent Jugendhaus ze kämpfen, och wann d'JIV éischter an d'Geschicht agaangen ass wéinst hire legendären Discoen am Sall iwwert dem Escher Kino Ariston. E Jugendzentrum krute mer och vun der Escher Gemeng, mee do si vill manner Jonker hikomm wéi an d'Disco. Liesen, fir net nëmme mech, mee och d'Welt ronderëm mech besser ze verstoen, ass vun do u fir mech zentral ginn.

Ech weess, dass ech op 5e dat ganz Joer *Le Monde* gelies hunn, fir d'Welt ronderëm mech ze verstoen, a well mer dat recommandéiert kruten. Oder versicht ze liesen. Ech hu mech gefrot, wéi een dat mécht, fir all Dag eng ganz Zeitung ze liesen. De Proff - oder woar et eng Professorin? - hat vergiess eis ze soen, dass ee jo net all Artikel muss liesen. *Les 10 droits du lecteur* vum Schrëftsteller Daniel Penac hunn ech réischt vill méi spéit entdeckt. Et huet mech berouegt, dass een als Lieser esou Rechter huet wéi "le droit de sauter des pages", "le droit de ne pas tout lire" (ech géif dobäisetzen: och "le droit de ne pas tout comprendre").

Liesen, verbonne mat Erausfuerderung a Pleséier. Ech ka mech un déi englesch Bicher erënneren, déi mer op 4e ze liesen haten, mee net un déi vun de Joeren dono. Well de Proffeis op 4e gedoen huet, all Trimester ee Buch liesen an en Aufsatz driwwer schreiwen. Eng grouss Erausfuerderung. Ech hat mer zum Beispill dem Ken Kesey säi Roman "Sometimes a great notion" erausgesicht. (Säin éischte Roman, "One flew over the cuckoo's nest", ass méi bekannt, duerch de Film mam Jack Nicholson.) De Roman, e Schmöcker vu 637 Säiten a menger Täschebuchausgab vun 1979, beschreift eng Famill vun Holzfäller aus dem Oregon. Villes hunn ech net verstanen, mee d'Atmosphär huet mech mat-

gerappt. Wéi d'Liddversen vun "Good Night, Irene", mat deenen d'Buch ufänkt:

"Sometimes I live in the country,
Sometimes I live in the town;
Sometimes I get a great notion
To jump into the river... an' drown."

En anere Vers, aus engem Lidd vum Bruce Springsteen, "No surrender" (1984), seet och vill iwwer mäi Besuch zum Liesen an zu Texter aus: "We learned more from a three-minute record, baby, than we ever learned in school." D'Liddertexter vu Springsteen, vu Brel, Brassens, Renaud, Maxime Le Forestier, Konstantin Wecker, BAP, Lucio Dalla, John Lennon a villen aneren, déi mer ënner Frënn ëmmer erëm gelauschert also gelies hunn, si wuel dee Genre Literatur, dee mäi Besuch zur Welt am nohaltege gepräagt huet. Mee bei déi Liddertexter gehéire fir mech och aner Schrëften, déi ech ëmmer nees gelies hunn, virun allem vun zwee Auteuren, dat eent en Humorist mat Sënn fir Politik, de Coluche, deen aneren e Wëssenschaftler, Philosoph a Schrëftsteller mat Sënn fir Humor, den Umberto Eco.

Dem Umberto Eco sinn ech och begéint als Erausfuerderung, well eisen Italienschproff mat eis vu 4e un op schwie-
regen Texter vun der italienescher illustréierter Wochenzäitschrëft *L'Espresso* geschafft huet, eng politesch, kulturell a wirtschaftlech Zäitschrëft. Zeitung an Zäitschrëfte liese mécht zënterhier e gudden Deel vu menge Lektüren aus. An enger vum Eco senge *Bustine di Minerva* hunn ech och dem Hegel säin Zitat gelies, dat och a Facebook-Zäite fir mech nach ze meditieren ass: "Die Zeitung ist das Morgengebet des Bürgers."

A wéi dem Eco seng Texter oder déi vum Coluche a vu Chansonnier, hu meng Lektüren zënterhier vill mat Gesellschaft, Philosophie, Politik an Engagement ze dinn. Dat Ganzt historesch beliicht, well Geschicht zu mengem Studium, mengem Beruff a menger Passioun ginn ass, am Iwwergang, am "rite de passage" vum Jonken zum Erwuessenen. Sachtexer stinn zënterhier am Mëttelpunkt vu mengem Lektüren, soudass ech haut neidesch op déi meeschtens weiblech Lieser, am Zuch, Bus oder op der Plage kucken, déi ganz an hire Roman oder Krimi verdéift sinn.

Eng lescht Remarque zu mengem Bezuch zum Liesen: Wéi bei mengem Virbiller aus Literatur, Musik a Publizistik hänkt fir mech Liesen och onzertrennlech mam Schreiwen zesammen. Ech hat de Pech, a menger Primärschoulzäit an a mengem éischte Lycéesjoeren immens vill Strofen ze kréien. (Dono sinn d'Enseignantë méi verstänneg ginn...) Mee ech hat d'Chance, dass meng Léierinnen a Proffen mer meeschtens Aufsätz ze schreiwe goufen. Wou ech menger Phantasie fräie Laf konnt ginn. Wou ech dat konnt verschaffen, wat ech gelies hat. An déi ech dann der Klass virgelies hunn. Kreatiivt Schreiwe war zu där Zäit eng Strof, ass haut glécklecherweis a ville Klassen awer Normalitéit.

5e, d'Zäit vu mengem éischte bewosste Lektüren, ass net zoufälleg datselwecht Joer, wou ech och meng éischt Artikelen an der JIV-Jugendzeitung "De Kregéilert" geschriwwen hunn. Joerelaangt Aufsatzschreiwen als kreativ Strof huet nieft dem Liesen zu den Ufänk vu menger publizistescher Aktivitéit gefouert, déi ech bis haut weidergefouert hunn. Beim Kregéilert woar eise Slogan iwwrigens deen heiten, deen, liicht émgeännert, och gutt bei d'Initiativ Freed um Liesen géif passen: "(Lies a) Schreif Dech Fräi !"